N°5213
Reçue le 11.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.11.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 11. November 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit héiert een dacks vun Iwwerfäll, Gewaltakten, Abréch, an esou weider. Et konnt een z.B. rezent an de Lëtzebuerger Presseorganer folgend Matdeelunge liesen: den 31.10.: "Jugendliche rauben Mädchen die Jogginghose" / den 29.10.: "Diebstahl vermittels Gewalt in Esch/Alzette" / den 24.10.: "Mehrere Einbrüche am Wochenende gemeldet" / den 28.10. "Handtaschenraub in Luxemburg-Stadt".

Allerdéngs wësse mir och alleguer, datt dëst nëmmen d'Spëtzt vum Äisbierg ass, well déi meeschten Fäll net public gemaach ginn vun den Autoritéiten, an esou ni an d'Ëffentlechkeet kommen – esou wéi dat och d'Äntwert op meng parlamentaresch Fro (N°3682) vum 19. Februar 2021 gewisen huet.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

1. Wéi vill Iwwerfäll oder versichten Iwwerfäll sinn der Police bekannt fir d'Méint September an Oktober 2021? Wéi deelen sech dës op déi verschidde Gemengen am Land op? Wéi vill Iwwerfäll si vun der Police ëffentlech gemaach ginn an un d'Press weidergeleet ginn a wéi vill net? Kann een en gewëssent Profil (Alter, Geschlecht, Nationalitéit, Wunnuert, etc.) erkennen, souwuel wat d'Affer ugeet, ewéi och wat d'Täter ugeet?
2. Wéi vill Abréch oder versichten Abréch sinn der Police bekannt fir d'Méint September an Oktober 2021? Wéi deelen sech dës op déi verschidde Gemengen am Land op? Wéi vill Abréch si vun der Police ëffentlech gemaach ginn an un d'Press weidergeleet ginn, a wéi vill net?
3. Wéi vill duerch Gewaltakte verletzte Persoune sinn der Police bekannt fir d'Méint September an Oktober 2021? Wéi vill esou Gewaltakte si vun der Police ëffentlech gemaach ginn an un d'Press weidergeleet ginn a wéi vill net? Bei wéi vill Gewaltakte ware Waffen am Spill?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten